

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 4. Oktober 2022

Här President,

Esou wéi et am Artikel 82 vum Chambersreglement virgesinn ass, géingen mir gär en eng Question élargie zum Thema Kardiologie am Centre hospitalier du Nord (CHdN) un d'Madamm Gesondheitsministesch stellen.


Am Kader vun der Fro sollen folgend Aspekter behandelt ginn.

- Prise en Charge vun de Patienten no der Ukënnegung vun de 6 Kardiologen vum Groupe cardiologique, dat si nom 31. Dezember mat hiren Aktivitéiten am Centre hospitalier du Nord ophalen.
- Analyse vun der Situatioun, déi derzou gefouert huet, dat déi betreffen Kardiologen den CHdN wëllen verloossen.
- Konsequenzen vum Depart vun de Kardiologen op de Fonctionnement vum CHdN insgesamt.
- Generell Mesuren, déi mussen en Place gesat ginn, fir d'Situatioun an de Grëff ze kréien.

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.



Martine Hansen
Deputéiert



Claude Wiseler
Deputéierten